**INVITÉ VUN DER REDAKTIOUN (18. FEBRUAR) - EMILE EICHER**

# Projet iwwer Denkmalschutz mécht dem Syvicol Suergen

Vum Pit Everling (Radio) | Update: 18.02.2020 10:03 | 5 Commentaire(n)

**Invité vun der Redaktioun: Emile Eicher**

*En Dënschdeg de Moie war de President vum Syvicol eisen Invité vun der Redaktioun.*

**En Dënschdeg de Moie war de President vum Syvicol eisen Invité vun der Redaktioun.**

Mir si schonn zanter 2015 am gaange mam Ministère ze diskutéieren. De Projet, deen elo iwwert den Denkmalschutz um Dësch läit mécht awer Suergen. Beispillsweis déi ominéis Zone d'observation archéologique, wou fir eng ganz grouss Fläch vum Land e Verdachtsmoment géif gëllen.

Dat sot den Emile Eicher, de President vum Syvicol, um Dënschdeg de Moien als eisen Invité vun der Redaktioun. Hie géif sech wënschen, dass dat anescht ugepak gëtt.

Wat d'Grondsteier-Diskussioun ugeet, hätt de Syvicol fir den Ament nach keng Informatiounen. Et wier awer lo un der Zäit, dass dat geschitt, fënnt den Emile Eicher.

Et wënscht ee sech vill méi eng gerecht Opdeelung vum Modell, wéi en haut funktionéiert.

D'Gemengesyndikat wëll sech iwwerdeems och selwer a Fro stellen, fir sech ze moderniséieren. Et soll eng Enquête bei de Membere gemaach ginn.

**Rendez-vous fir den Interview mam Invité vun der Redaktioun all Dag vu méindes bis freides um 10 op 8 op RTL Radio Lëtzebuerg an am Livestream och op RTL.lu an an der App (Audio a Video). Op RTL.lu an op der App ass d'Emissioun dono och am Replay ze fannen.**